# De Gemengesyndikat TICE weit en neien Hangar zu Esch-Uelzecht an a presentéiert seng nei Bussen

*Duerch en Investissement an Héicht vun 2,9 Milliounen Euro konnten dësen Donneschdeg, den 20. Abrëll, zu Esch-Uelzecht en neien Hangar an e Parking fir d'Mataarbechter vum Gemengesyndikat TICE ageweit ginn. D'Aweiung huet a Presenz vum Här Pierre Mellina, Buergermeeschter vu Péiteng a President vum TICE, dem Här Mike Schoos, stellvertriedenden Direkter vum TICE an Assistant de direction, dem Här Georges Mischo, Buergermeeschter vun Esch, an dem Här Alex Kies, Direkter vun der Administration des transports publics a Vertrieder vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, dem Här François Bausch, stattfonnt. Gläichzäiteg huet den TICE seng Flott vun 18 neie Busse virgestallt, déi aus der Soumissioun vun 2021 an 2022 ervirginn.*

## E wichtegen Acteur am Süde vum Land

De Gemengesyndikat TICE ass e wichtegen Acteur am Süde vum Land, souwuel wat den Transport wéi och d'Offer un Aarbechtsplazen ugeet. Dëse gouf den 2. Juni 1914 duerch en Arrêté grand-ducal an d'Liewe geruff an ëmfaasst néng Gemengen: Déifferdeng, Diddeleng, Esch-Uelzecht, Käerjeng, Keel-Téiteng, Péiteng, Rëmeleng, Suessem-Belval a Schëffleng. Déi 157 Busse fueren op 15 reguläre Linnen, assuréieren de Schoultransport a fueren als Nuetsbus freides a samschdes owes an um Virowend vu Feierdeeg. Fir dëse Service, deen essenziell ass fir d'Regioun, ze garantéieren, beschäftegt den TICE 540 Leit a verschiddenste Funktiounen an an alle Karriären, dorënner 407 Chaufferen.

## En neien Hangar fir nei Ufuerderungen

Fir den neien infrastrukturellen Ufuerderunge gerecht ze ginn, huet den TICE eng Investitioun vun 2,9 Milliounen Euro accordéiert, déi vun de Membergemengen eleng zougeséchert gouf, fir an Zesummenaarbecht mam Bureau d'étude Beissel&Ruppert eng nei Hal vun 93 x 17 x 14 m ze bauen, déi Plaz bitt fir 18 Bussen. Gläichzäiteg huet de Gemengesyndikat e Parkhaus vun dräi Stäck mat insgesamt 156 Parkplaze gebaut, déi fir d'Privatautoe vun de Buschaufferen a dem Personal geduecht sinn. *„Andeem mir e Parking fir eis Buschaufferen a Mataarbechter geschaf an hinnen hiren Trajet vereinfacht hunn, huet den TICE säin Engagement fir déi gewisen, déi et eis all Dag erméiglechen, vun A op B ze kommen, an dat op effizient a confortabel Aart a Weis"*, erklärt de Pierre Mellina, President vum Gemengesyndikat.

PRESSEKONTAKT:
brain&more agence en communication 90A, route d'Arlon L-1150 Luxembourg | T (+352) 26 84 71-1 | F (+352) 26 48 35 10 | brain@brain.lu | brain.lu
MADE IN LUXEMBOURG

*„A menger Funktioun als Buergermeeschter vun Esch ass et fir mech eng besonnesch grouss Éier, am Kader vu menger zousätzlecher Roll als Member vum Conseil d'administration vum TICE, mat Iech op d'Aweiung vun dësem Hangar a Parking unzestoussen. Dëst Evenement zeit vum Engagement vun der Stad Esch an dem TICE fir d'Investitioun an den ëffentlechen Transport",* seet de Georges Mischo.

Trotz de Schwieregkeeten, déi mat der Ëmsetzung vun dësem grousse Projet verbonne sinn, huet de Gemengesyndikat et fäerdegbruecht, datt den ëffentlechen Transport weiderrullt, dat dank dem Engagement vun alle Mataarbechter an der Firma *Thomas&Piron*, déi dem Gemengesyndikat wärend den Aarbechten hiren Terrain zur Verfügung gestallt huet. De Mike Schoos, stellvertriedenden Direkter vum TICE an Assistant de direction, betount: *„E ganz grousse Merci geet un all eis Mataarbechter, déi wärend de Bauphase weiderhin eng bemierkenswäert Aarbecht geleescht hunn."*

## 18 nei Busse fir en optimiséierte Service

Den TICE huet vun der Aweiung vum neien Hangar profitéiert, fir seng 18 nei Bussen aus der Soumissioun vun 2021 ze presentéieren, dorënner 8 MAN Biogas-Hybridbusse vun 12 m Längt, 5 MAN Biogas-Hybrid-Gelenkbusse vun 18 m Längt a 5 Mercedes-Benz Citaro Diesel-Hybrid-Gelenkbusse mat enger Längt vun 18 m fir e Gesamtbudget vun 8,1 Milliounen Euro.

Dës nei Bussen erlaben dem Gemengesyndikat TICE säi Service an de Confort esouwéi d'Sécherheet vum ëffentlechen Transport am Süde vum Land ze optimiséieren a weiderhin ze garantéieren, souwuel fir d'Chauffere wéi och fir d'Passagéier.

Esch-Uelzecht, den 20. Abrëll 2023

PRESSEKONTAKT:
brain&more agence en communication 90A, route d'Arlon L-1150 Luxembourg | T (+352) 26 84 71-1 | F (+352) 26 48 35 10 | brain@brain.lu | brain.lu